
# INVITATIOUN






















Elysis an d'Seniorekommissioun vun der Gemeng Schëffleng invitéieren Iech op eng Informatiounsversammlung iwwer dat neit Fleegeheem vun Elysis, dat Ufank 2024 zu Esch seng Dieren opmécht.

› **Donneschdeg, den 20. Juli 2023 um 15:00 Auer am Club Haus « Beim Kiosk »
11-15, rue CM Spoo, L-3876 Schëffleng**

GEMENG SCHËFFLENG

MAISONS DE SOINS ELYSIS

# MIR KËMMEREN EIS ËM IECH

Viru méi wéi 20 Joer hu mir um Kierchbierg eist éischt Fleegeheem opgemaach. Zanterhier maache mir wat mer kënnen, fir dass et eise Bewunner gutt geet. Mir këmmeren eis ëm hir Fleeg, hir Therapien, hir Fräizäitaktivitéiten, hiert Wuelbefannen... a bidden hinnen och eng éischtklasseg Restauratioun.

Déi selwecht Qualitéit an déi selwecht Passioun kritt dir vum nächste Joer un och an eisem zweeten Haus zu Esch/ Uelzecht gebueden. An engem fonkelneie Gebai mëtten an engem schéine Park, mat flotte groussen Zëmmeren, héichmodernen Ariichtungen an enger Ekipp vu léiwen a kompetente Mataarbechter.

Bei Elysis zu Esch kënnt dir vum Januar 2024 un als permanente Bewunner opgeholl ginn, oder fir en zäitlech begrenzten Openthalt bei eis kommen. Zum Beispill fir Iech no enger Krankheet oder Operatioun z'erhuelen, oder wann déi Leit, déi sech soss ëm Iech këmmeren, an d'Vakanz ginn.

**Kommt op d'Informatiounsversammlung, fir ze gesinn an ze héieren, wat Elysis zu Esch ze bidden huet, sief et fir Iech selwer, oder fir e Member vun Ärer Famill.**

## FIR WEIDER INFORMATIOUNEN :

Maison de Soins Esch-sur-Alzette
6, Avenue de la Paix
L-4275 Esch-sur-Alzette

Tel. (+352) 26 43 8-1
**info@elysis.lu**
**www.elysis.lu**